3TPCM-1	Fetic Ajla	
3TPCM-1	Gonçalves Agovic' Leila	

Enseignement secondaire général

7G-1 Abdurahmani Emilia
 7G-1 Bistrup Frida
 7G-1 Sintra Guardado Inês
 7G-6 Reding Emma
 7G-6 Conrad Florence
 7G-6 Marteng Lena
 7G-6 Moura Manou
 7G-7 Vieira Antunes Tomás Da Costa Emma
 7G-7 Jungblut Emma
 7G-7 Antoine Marion

5G-3 Engel Ella
 5G-4 Carneiro Oliveira Susana
 5G-4 Mbeke Bisse Vanina
 5G-5 Ferreira Barroso Beatriz
 5G-6 Dos Santos Barros Bruna

4GCM-1 Liebetegger Johanna
 4GCM-1 Sousa Da Quelha Vanessa
 4GCM-2 Antunes Almeida Catia
 4GCM-2 Duhr Lynn
 4GCM-2 Zabeli Riola
 4GCM-2 Correia Da Costa Solange
 4GCM-2 Bistrup Tilde
 4GCM-2 Fouttouh Wafa
 4GIG Moreira Jérémie
 4GIG Prum Judith
 4GIG Li Qian
 4GPS Lopes Manuel Catarina
 4GPS Allwang Chanita
 4GPS Pinto De Sá Lara
 4GPS Chaumont Laurie
 4GPS Léderlé Lena

4GPS Greter Lisi
 4GPS Ribeiro Gonçalves Rachel
 4GSN Wurth Jenny
 4GSN Orlewski Maya
 4GSO-1 Kremer Chiara
 4GSO-1 Scheidt Laura
 4GSO-1 Évora Gomes Luana
 4GSO-2 Wagner Celina
 4GSO-3 Grandjean Julie

3GCM Terenziani Gaia
 3GCM Glorias Picarra Katia
 3GCM Feller Lis
 3GIG Zhan Leiya
 3GPS Rebelo Da Cruz Mariana
 3GSN Stroomer Fiona
 3GSN Moyen Kyra
 3GSN Graf Lisi
 3GSO-1 Davey Meg
 3GSO-1 Karajbic Sara
 3GSO-2 Fonseca Lima Elodie
 3GSO-2 Splittgerber Emma
 3GSO-2 Lárusson Eva
 3GSO-2 Hinsley Grace
 3GSO-2 Berschet Lora
 3GSO-2 Meyers Meggie
 3GSO-2 Carvalho Vieira Priscila
 3GSO-2 Schuler Shirley
 3GSO-3 Fichou Clara
 3GSO-3 Fontes Meireles Inês
 3GSO-3 Rodrigues Antunes Lucas
 3GSO-3 Weber Véronique

CONGRATULATIONS

2GCG-1 Morais Ferreira Cindy
 2GCG-1 Messina Gina
 2GCG-1 Ribeiro Joana
 2GCG-1 Da Paz Costa Tatiana
 2GCG-1 Monteiro Fernandes Tatiana
 2GCG-2 Madariaga Ramos Alya
 2GCG-2 Chrisnach Cheyenne
 2GCG-2 Sintra Joana
 2GIG Bartolé Patrick
 2GSN Hillmann Sheila
 2GSO-1 Henn Sarah
 2GSO-2 Specogna Chelsea

Regatta

Vum 30. August bis de 4. September 2021 huet déi faméis *Sailing Schools Regatta.lu* an der Baie de Quiberon (Bretagne) stattfonnt, wou dann och de Fieldgen mat engem Boot vertruede war.

Hei ass eis **Crew** :




Eve Schreurs, Liana Neu, Anne Noesen, Alma Blaat mat hirer Coskipperin Peggy Zeimes an Skipperin Anouk Mathieu op hirem *Boot Drop* mat der Nummer 10.

De Replay vun de Parcours kann een sech op der **App Georacing** ukucken.



Op jidde Fall e grousse Merci un eis **Sponsoren** :



Mam Vélo an d'Schoul

De Fieldgen huet zesumme mam Sainte-Anne vun Ettelbréck de **Golden Gear Award** gewonnen. Als AGEDOC hate mer déi meeschte Vélosfuerer mobiliséiert kritt.

Ee grousse **Merci** all deenen, déi fir eis Schoule matgemaach hunn.

17 Participanten

5 Ekippen

5560 km

1238,61 kg CO₂ agespüert



D'Editioun 2022 ka kommen ... mir sinn dobäi!



"Wann net elo, wéini dann?" e Pläoyer fir sech ze eingagéieren

Interview [mat Päfferkären] mam Natasha Lepage, Fieldgensschülerin vu 1CC, an eent vun de Gesiichter vu „Youth for Climate Luxembourg“ hei zu Lëtzebuerg

D'Natasha an ech, mir kennen eis scho säit 7e, hatt koum am 2. Trimester vun enger 7G op meng 7C Allet a mir si bis op 5C Allet gutt matenee gefuer. Schwätzen konnt hatt émmer immens gutt a vill, och a mengem Cours ☺, an hatt huet schonn op 7e ongeféier 47 Aktivitéiten nieft der Schoul gemaach an dat mat grousser Begeeschterung all Dag op en Neits. Soit, d'Natasha hat émmer zwou Duracell-Batterie méi am Bauch wéi déi meeschten aner Schülerinnen (a Proffen) an duefir huet hatt och émmer iergendwéi alles énnert een Hutt kritt. Aus deem Grond wonnert et mech haut och guer net, datt een d'Natasha och schons e puermol an den Zeitunge gesinn huet an, datt bestëmmt nach méi dacks wäert de Fall sinn.

Natasha, du bass elo op 1CC an den Examen réckelt émmer méi no. Wéi soll et da fir dech d'nächst Joer no der 1e weidergoen?

Natasha: Am Fong hunn ech wélles, a Frankräich „Sciences Po“ maachen ze goen. Do eranzenkommen ass net ganz einfach, ech weess net, op dat wäert klappen, mee ech probéieren dat emol. Wann dat näischt soll ginn, da géif ech gäeren an Irland Mënscherechter studéiere goen, also do en „Bachelor of Arts with Human Rights“ maachen. Ech géif gäeren e Studium mat engem soziale Schwéierpunkt absolvéieren, also eppes ganz aneschtes wéi dat, op dat mech meng Sectioun C elo virbereet.

Wéi kënnt een dann iwverhaapt op esou eng Iddi, „Mënscherechter“ ze studéieren? Dat ass

jo lo net grad eppes, wat an de Kanon vun de klassesche Studiefächer gehéiert.

Ech denken, dat huet ganz vill domadden ze dinn, wéi ech grouss gi sinn. Wéi ech 2012 op Lëtzebuerg an d'4. Schouljoer koum, ware mir frësch op Lëtzebuerg geplënnert. Doduerch, datt mäi Papp Diplomat ass, si mir ganz vill mat eisen Elteren duerch d'Welt gereest, hunn op ganz ville verschiddene Plaze gelieft. Bis zu deem Zäitpunkt hate mir an Indien, Indonesien an am Senegal gewunnt. Ech hunn also scho mat 12 Joer gewosst, wéi d'Mënschen op anere Kontinenter liewen, mat wat fir Probleemer si do ze kämpfen hunn a wéi onwarscheinlech privilegiert mir hei zu Lëtzebuerg sinn a wat fir Chance mir hei hunn – dat kritt een als Awunner natierlech anescht mat wéi als Tourist. Dëst Wëssen huet meng Kandheet an och meng Teenagerzäit ganz staark beaflosst.

[Stëmmt, ech ka mech drunn erënneren, wéi s du eis dat emol op 7e am Däitschunterrecht gezielt hues an ech némme geduecht hunn: „Mäi Gott, dat Kand war schonn op méi Plazen op der Welt wéi ech mam Fanger op der Landkaart“]

An aus dësen Erfarungen entspréngt souzesoen däin Engagement an der Bewegung „Youth for future“ ...

Am Fong huet alles op 6e ugefaang, wéi ech Member vun der ACAT gi sinn. D'Madamm Fabian huet eis am Reliounscours vun hirer Aarbecht an dëser Associatioun erzielt, wéi mir d'Mënsch-



erechter behandeltunn, an well ech jo geneewoussst, wéi Menscherechtsverletzungen ausgesinn, hunn ech mech als Schülerin an der ACAT engagéiert. Op 4e dunn sinn ech mat menger Klass op di 1. Klimademo gaang an hunn direkt gespiert: „Do muss du dech engagéieren!“ Et war guer keng Fro fir mech, mee einfach eng Tatsaach.

An du bass de do „hänkebliwwen“....

Säit Enn Mäerz 2019 sinn ech richteg mat dobäi: No den Demoë gëtt et émmer Open Meetings, wou sech Leit, déi sech wëllen engagéieren, melle kennen. Déi Klimastrike sinn nämlech eng immens gutt Pub fir d'Ëmweltcause, déi een notze muss, well een do iwwert d'Medien an egal wat fir enger Form enorm vill Leit erreecht. Vill jonk Leit wëlle sech nämlech engagéieren, wëssen awer net, wéi si dat konkret maache kennen. An do kann een hinnen da konkret Propose machen.

Wéi ass et da komm, datt s du eng esou wichteg Persoun an der Bewegung „Youth for Climate Luxembourg“ hei zu Lëtzebuerg gi bass?

Dat huet sech einfach esou entwéckelt, dat war net préméditéiert. Ech hunn an deene läschten dräi Joer onwarscheinlech vill bääigeléiert, vill méi wéi a menger Lycéeszäit *[do laache mir zwee gutt an d'Natasha gëtt awer zou, datt d'Schoulwëssen als Basis fir d'Allgemengwësse ganz wichteg ass – émmerhin!]*. Wéi schreiwen ech offiziell Mailen, wat fir Greemien a Leit a politischen Ämter muss een, kann een uschwätzen, wéi schreiwen ech e Pressecommuniqué, wéi bereeden ech eng Entrevue mat engem Politiker vir, wéi ginn ech iwwerhaapt mat der Pressëm, wou muss ech do oppassen....an do gëtt et kee Virbereedungscours, kee Proff, deen ee mol froe kann...ech hu mir ganz vill musse selwer bääibréngen, a wann et och einfach duerch „d'try and error-Method“ war. A wéi du kloer war, datt et mir näischtausmécht, an e Mikro ze schwätzen - och a méi Sproochen - a mech virun e Public ze stellen, du stoung iergendwann fest, datt ech eent vun de Gesiichter vun der Ëffentlichkeitssarbecht géing ginn. D'Medie siche sech och émmer gäeren de „face of the movement“ a well ech dann den Usprichtpartner fir d'Press sinn, kommen ech och scho mol an eng Publicationoun. Mir sinn awer e ganze Grupp, e ganze Koup Leit

– ongeféier 20, vum Alter all tëschent 16 an 20, déi di Beweegung leeden, a mir hunn och émmer probéiert, äis net op eng Persoun festzeleeën.

Mir sinn némme Mëmberen, wéi déi aner och, mir wuessen an déi Saach eran a ginn no enger Zäit erëm ersat duerch anerer, well mir jo jonk Leit sinn, déi eng Ausbildung maache müssen, déi nach fort studéiere ginn. Dat ass also alles net esou wéi bái enger „richteger“ Associatioun, déi ee mat bestëmmte Käpp an Nimm verbënnt, mee bái eis ass dat net u Persoune festgemaach. Dat ass mol op d'mannst dat, wat mir wëllen. Och wa meng Foto de leschte Mount an der Zeitung XY publizéiert gouf, ass et an zwou Wochen een anere vun eis. Jidderee ka sech mat sengem Wëssen a Kennen abréngen.

Dir nennt lech „**Youth for Climate Luxembourg**“ an net „**Fridays for Future**“? Firwat maacht dir do en Énnerscheed?

Dës Beweegung ass natíirlech en Ableger vu „Fridays for Future“. An der Belsch an a Frankräich hu se hiren eegene Grupp gegrënnt a mir Lëtzebuerger hunn eis do ugeschloss, och fir méi Gewiicht an der politischer Landschaft ze kréien duerch d'Zesummenaarbecht énnert Noperen.

Mir wollten och méi Nohaltekkeet am Numm vun der Beweegung an eppes Eegenes. „Fridays for Future“ als Numm war eis zevill limitéiert: de Freiden als Klimastrik-Dag ass jo eppes Positives, mee en dréit a sengem Numm och Beschränkungen. Wat



ass mat deenen aneren Deg? Muss een net och 7 Deeg an der Woch fir de Klimaschutz streide goen an net némme freides? Den Numm ass äis net wäit genuch gaangen. De Programm dohanert schonn.

[*Bäi dem Natasha senger Erklärung vum Numm „Youth for Climate Luxembourg“ ass mir perséin-lech kloer ginn: Dësen Numm a Programm ass also méi émfaassend. Et soll sech all Mënsch, net némmen de Jonken, mee jiddfereen, dee sech fir jonk genuch hält am Kapp, fir eis Zukunft engagéieren an matmaache baim Klimaschutz. Souwält d'Theorie, an d'Praxis? Och mir ,Al' si gemengt, de „Mëttelalter“ mam „Speckgürtel“, deen Alter an déi sozial Schicht, déi genuch Suen huet, fir seng émweltschiedlech Gewun-nechten duerch e Spendenablass mat guddem Gewëssen weiderzeféieren...esou à la „Mir fléi-en émmer érem gären an d'Vakanz a bezuelen dann een, deen zu Honolulu e Beemche planzt., haha!]*

Dir schafft jo och op europäeschem bzw. internationalem Terrain. Wéi muss ee sech déi **Zesummenarbecht virstellen?**

Dat ass net émmer einfach: Et sëtzt een dann iergendanzwousch an Europa zesumme mat e puer 100 Engagéierter an enger Reunioun a jid-dereen ass beméit, d'Uleies vum eegene Land zur Sprooch ze bréngen an op seng euge Probleemer, déi jo ganz anerer sinn wéi déi vum Noper, opmierksam ze maachen. Do hunn ech geléiert, datt esou Versammlungen net sënnvoll sinn, well een net weiderkénnt. Wat ganz wäert-voll ass, dat sinn déi digital ChatGroups wou just déi ganz wichtig Decisiounen, Ofsproochen an



Rendez-vous festgehal ginn fir e gemeinsame Point de repère ze hunn. Et tauchen och andauernd nei Probleemer op, och op digitalem Plang, fir déi dann awer och eng Léisung fonnt gëtt.

Mir wëssen och, datt mir elo d'Saache weider-brénge müssen, d'Politiker an d'Economisten zum Émdenke beweege müssen, well et héich Zäit ass. Awer et ass och elo de Moment, fir d'Leit dobaussen souwält ze sensibiliséieren, datt si hiren Alldag nei iwwerdenken. Elo si mer an de Medien, elo gëllt et, dat och auszenotze fir eis Stëmm ze erhiewen.

An dann nach kuerz viru Schluss eng **Paparazzi-Fro: Wéi fillt ee sech sou als Schülerin mat engem gewësse Promi-Status zu Lëtzebuerg?**

Ech sinn eng ganz normal Schülerin a fille mech och esou. Et léiert een allerdéngs bai déser Aarbecht vill PolitikerInne kennen a vu que datt Lëtzebuerg sou kleng ass, begéint ee sech ganz dacks. Dann ass dat schonn e komescht Gefill am Ufank, wann een erkannt gëtt ...vun der Press an och heiansdo vun der Prominenz! Awer och déi Leit ronderëm sinn dann émmer e bëssen irritiéiert: Am Kader vun eiser „Ecole à la Carte“ war ech z.B. mat zwee Proffe vum Field-



gen bai engem Event owes an der Chambre des Métiers, wéi d'Emweltministesch mir „Moie“ soe komm ass. Dat war schonn e coolt Gefill, wéi menge Proffen de Mond opstoe bliwwen ass.

Hues du och schonn méi schlecht Erfarunge mat der Press gemaach?

Am Fong bis elo ganz wéineg. Et ass allerdéngs eng Kéier e Journalist komm mat eppes, wat ech viru ville Joren op de soziale Medien gepost hat, dat war souzesoen a menger fréier Teenagerzäit. Dat kritt een dann natierlech mat 18 Joer énnert d'Nues geriwwen, wann ee mat 13 Joer bai iergendenger Geleeënheet e Statement vu sech gëtt, deen net esou ganz pädagogesch – oder an dësem Fall - politesch wäertvoll ass. Mee soss hat ech an deem Punkt Chance. Et muss een awer schonn oppassen, wéi ee sech duerstellt no baussen...

Wéi geet et dann elo fir dech weider an der Emweltpolitik no der 1e?

Do sinn ech ganz oppen! Ech probéiere mech nach esou vill wéi méiglech bai "Youth for climate Luxembourg" anzebréngen, och wann dat vläicht e bësse manner wäert sinn, wann ech an d'Ausland studéiere ginn. Mee mir hunn am Moment en enorme "Power", d'Leit komme bei äis, ouni datt mir groussaarteg Reclamm maachen. Si waarden drop. Mir mussen déi Geleeënheet notze fir eng "jonk Politik" ze maachen, déi längerfristeg Ziler huet an net némmen déi nächst Walen am Bléck. Well, wann net elo, wéini dann? [Wow! Léif Lëtzebuerger Politiker, ditt lech warem un!]

An elo meng ALLERLESCHE Fro: Wat wëlls du eiser Schülerschaft mat op de Wee ginn? Du kriss elo souzesoe fir 5 Minuten de Mikro! Dat ass Denges! Fuer duer! Tätterättätä!

Léif Leit! Engagéiert lech! Mir hunn immens vill Méiglechkeeten hei um Fieldgen fir eis anzebréngen, notzt se! Ech mierken émmer erém, datt meng Matschüler sech abrénge wëllen, awer net wësse wou. Mir hunn de Schülerkomitee, d'Ecole à la carte mat Courses zur Nohaltegkeet, wou ee ganz vill bewierke kann. Et muss een awer e laangen Otem hunn, well et gëtt een awer dacks gebremst, duerch d'Direktioun, déi dann op 100 verschidden Aschränkunge verweist, duerch Covid, deen alles émgeheit, duerch de

Kantinschantier.....mee trotzdeem hu mir hei um Fieldgen an deene leschte 5 Joer vill verännert: manner Gaspillage an der Kantine, Émstellen an der Cafeteria op Nohaltegkeet, an nach vill aner Saachen, déi ech elo kéint opzielen.

Immens gutt hunn ech de **Schoulhaffsprojet** fonnt, wou mir mat der Uni.lu zesummegeschafft hunn, a wou Proffen a Schüler zesummen Iddien entwéckelt hunn. Leider koumen dunn d'Pandemie an de Projet vun der neier Kantine dertëschent an eise Projet leeft elo an Zäitlupp weider, och wann e puer Saache schonn émgesat sinn [*Bänken an Déscher am Haff z.B.*].... mee déi Schülergeneratiounen no mir wäerten dovu profitéiere können. [*Och dat ass Nohaltegkeet, Natasha, wann een eng anstännech lerfschaft bzw. e Vermächtnes hannerléisst! Dat fanne meng Kanner och...*]

Wat mir awer och villäicht kéinte gebrauchen, dat wir eng **Plattform fir d'Schüler**, wou si sech direkt kéinten ausdrécken, hir Iddié kéinten eraginn, wou se sech direkt kéinten an der Schoul artikuléieren ouni datt een do iwwert 47 Tëschestatiounen misst goen. Eng Plattform, duerch déi all eenzelne Schüler mierkt, deen eppes ze soen huet, datt seng Meenung och zielt a gehéiert gëtt.

An eppes anesch fannen ech och wichteg: Profitéiert vill méi vun der **Ecole à la Carte** mat deene



verschiddenen Offerten, net némmen Etüden. Si bidd eis SchülerInnen eenorm vill Geleeënheiten, fir eppes aus äis ze maachen a fir e **perséinleche Projet** ze entwéckelen. Déi Course si gratis an mir kënnen hei ganz vill vun eisem Potenzial entfalen. Ech hunn alles gemaach, wat mech interesséiert huet. Et ass och dat, wourunner ech mech duerno wäert erënneren, wann ech un d'Lycéeszäit wäert zeréckdenken. Et si Saache wéi d'Theaterprojeten, den Nohaltegkeetsworkshop asw., déi mech och zu dem Mënsch gemaach hunn, deen ech sinn....Vläicht muss een do an der Schoul nach méi Reklamm fir d'Ecole à la Carte maachen [*Dat stëmmt, d'Ecole à la Carte ass lo duerch Covid e bëssen ze kuerz komm a gëtt net wierklech attraktiv verkaaft! Dobäi kann een do wierklech immens flott Saachen am Grupp erliewen.*].

D'Schoul ass eis Aarbechtsplatz, net némmen déi vun de Proffen, mee och eis, an déi Zäit, déi mer hei verbréngen, ass immens wichteg. Wann ech zreckkucken op déi 7 Joer, dann hunn déi esou vill mat mir gemaach. Ech hunn och gemierkt: **Mir selwer** kënne jo och mat eisem Matschaffen **d'Schoulgemeinschaft markéieren**, beaflossen a mat weiderentwéckelen [*Et muss ee just de richtigen Tounfall erwëschen, eng gutt Iddi*

hunn an e bësse penetrant drubleiwen, also e bësse wéi e fréndleche Pitbull hannert enger Schank ...da MUSSEN d'Proffen engem einfach nolauschteren an een eeschthuelen! A jo an ëmmer schéin op den Tounfall oppassen! Hat ech dat scho gesot? =)

Also, de Fieldgen ass a war MENG Schoul, jidderee sicht sech jo seng Schoul...hei passéiert esou vill, wouvun ee sech och fir säi Liewen eng Tranche kann ofschneiden, wann een némme wëll!

Natasha, merci fir deng **Zäit**, deng **Oppenheet** a virun allem **däi grousst Engagement**, vun deem mir och schonn hei an der Schoul bai ville Geleeënheete profitéiert hunn. Mir sinn esou stolz op dech! Mir wënschen dir e gudden Examen, déi richtig Uni, vill Courage a Succès an der Politik a virun allembleif esou, wéi s de bass....."**Gutt spruddeleg**" [1] an erfrëschend!

[1] Kréien ech elo Probleemer mat enger Lëtzebuerg Spruddelfirma, well ech hire Slogan geklaut hunn? Gottsäidank ka kee mer mäin Doktertittel ewechhuelen, well ech keen hunn...





Oktober 2021 :
am Europa Parlament zu Stroossbuerg
fir den *European Youth Event*



Juli 2021 :
Audienz beim Grand-Duc



Teambuilding am Mariendall mat der 7G5

De Méindeg, den 18.10., ass d'7G5 mat hire Regenten Mme Hendrickx an Mme Albert an de Mariendall gefuer.

No eiser Rees mat Zuch a Buss si mir gutt ukomm a kruten e Sall fir eis. Sou konnte mer eis téschen-duerch émmer rem opwiermen a mëttes zesummen iessen.

Du gounz et och scho lass, mir hunn eis an e grousse Krees gestallt an eis zu de Gefiller bezüglech dem **Zesummelieren an der Klass** ausgetosch. Jiddereen huet seng Gefiller iwwert en Holzstaf an eng Tafel vun 1-10 kategoriséiert, wat ganz informativ war.



Eis **zweet Aktivitéit** vum Dag huet am Teambuilding Park stattfonnt. Do hu mir gutt misse matenee kommunizéieren, fir gemeinsam Léisunge fir déi verschidden Aufgaben ze fannen. Dëst war deelweis richteg schwéier a mir hu gemierkt, datt mir all immens verschidde Charakteren hunn. Mir hunn awer geléiert, datt dëst guer net negativ ass, mee all Charaktereeschafft ka genutzt ginn, fir un dat gemeinsamt Zil ze kommen, an datt ee sech muss openee verloossen können.



Déi éischte 4 Stonne si wéi am Flug vergaangen a mir konnten an eis verdéngte Mëttespaus goen. Mir sinn an eise 'private Sall' gaangen an hunn all zesumme picknickt. Do huet ee scho gemierkt, dass d' Schüler sech besser kenne geléiert hunn an nach méi Dialog entstanen ass.



Mëttes ass et dann sportlech weidergaangen. Mir hu missten zu 2 an 2 op Tandem-Mountainbikes duerch de Bësch fueren. Bis dann mol jiddereen mat sengem Partner eens ginn ass, ass et duerch de Bulli an de Bësch eragaangen. Et war net èmmer einfach de richtege Rhythmus mam Partner ze fannen. No a no sinn déi meeschter besser viru komm. Dëst war eng flott Erfarung, déi nach quasi kee Schüler virdru gemaach hat.

Fir den Dag ofzeschléissen hu mir nach eemol iwwert eis Klass als Team nogeduecht. Mir hunn eis zeréck an e Krees bei d'Tafel gestallt. Vill Schüler hunn hiert Empfanne vum Liewen an der Klass verbessert font, well si duerch deen heiten Dag déi aner besser kenne geleiert hunn a si doduerch och lo besser verstinn. Um Enn konnte gemeinsam Ziler fir d'Schouljoer 21/22 erschafft ginn.

Souwuel Schüler wéi och Regenten hunn e flotten Dag am Mariendall verbruecht a konnten alleguer mateneen e positive Bilan zéien.



Chantal Albert
professeur en biologie



Winona Hendrickx
professeur en histoire



Futsal Jongen



Dëschtennis Championnat fir Spiller mat Lizenz



Cross-Duathlon Championnat



Volleyball



Crosslauf am Bambësch



Staffellaf 6x1000m op der Kockelscheier



find us on facebook:
Sportsektioun Fieldgen



Futsal Cadettes - Qualifizéiert fir d'Finalrond



Walfer Vollékslaf '21
Challenge Marc Savic - 5,7km



Walfer Vollékslaf - Challenge Marc Savic



Streetball Juniors-Senior



Jahresthema 2021-2022



Durch den Alltag mit COVID 19 sind wir vielleicht wieder mehr zurück zu den „Basics“ gekommen. Die erzwungene Distanz und die für unseren Schutz notwendige Isolation hat uns mehr bewusst gemacht, wie wichtig für uns alle wertschätzende Kontakte untereinander, in der Familie und in unseren Freundschaften sind. Wir sehnen uns alle nach unbelastetem Zusammensein. Im Schulalltag haben sicher viele im letzten Schuljahr die Gelegenheiten und Events vermisst.

Unser neues Jahresthema „WAT WIERKLECH WICHTEG ASS“ ist aus diesen Überlegungen entstanden und zuerst wollen wir uns selbst die Frage stellen: Was ist für uns das Wichtigste in unserem Leben, im Beruf, in der Zusammenarbeit untereinander?

„Was wirklich wichtig ist“ – dass wir mit einem liebevollen Blick und mit Respekt vor der Natur und vor allen Lebewesen - und dabei nicht zuletzt vor uns selbst - die Welt als Einheit sehen und im christlichen Sinn gestalten können, und dass es uns gelingt, diese wertschätzende Haltung ebenso unseren Mitmenschen zu vermitteln, das ist in unserer krisenhaften Zeit im wahrsten Sinn des Wortes „notwendig“.

Papst Franziskus hat in seiner Enzyklika „Fratelli tutti“ genau diese Thematik aufgegriffen. Er geht vom wichtigsten Gebot der Gottes- und Nächstenliebe aus und begründet mit dem Evangelium vom „barmherzigen Samariter“ unsere Verantwortung für ein gerechtes und gutes Zusammenleben der Menschen weltweit. Er schließt seine Gedanken mit diesem Gebet:



Elfriede Fröhlinger
animatrice pastorale

Gebet zum Schöpfer

Herr und Vater der Menschheit,
du hast alle Menschen mit gleicher Würde erschaffen.
Gieße den Geist der Geschwisterlichkeit in unsere Herzen ein.
Wecke in uns den Wunsch nach einer neuen Art der Begegnung,
nach Dialog, Gerechtigkeit und Frieden.
Sporne uns an, allerorts bessere Gesellschaften aufzubauen
und eine menschenwürdigere Welt
ohne Hunger und Armut, ohne Gewalt und Krieg.
Gib, dass unser Herz sich
allen Völkern und Nationen der Erde öffne,
damit wir das Gute und Schöne erkennen,
das du in sie eingesät hast,
damit wir engere Beziehungen knüpfen,
vereint in der Hoffnung und in gemeinsamen Zielen.

Amen.

Fairtrade Rousen

Mir als **2C-DG** hunn, zesumme mat eiser Economiesproff, de Madamm Pascale Ruffini, iwwerluecht, zum Schluss vum Schouljoer 2020/21 Rousen u Schüler an un d'Personal aus dem Fieldgen ze verkafen. Mat deene Rouse konnten d'Schüler an d'Personal aneren oder sech selwer eng Freed maachen, andeems si se verschenkt hunn. De Projet „Fairtrade Rousen“ stoung ganz ènnert dem Motto:

„Maach och du engem eng Freed a kaaf eng Fairtrade Rous“.

Fir dass mir och engem aneren eng Freed mat eiser Aktiouen maache konnten, hu mir decidéiert, den Erléis un eng Organisatioun ze spenden. Sou ass et dozou komm, dass eise Benefice vun 484,50 € un d', „**Fondation Kriibskrank Kanner**“ gaangen ass.



**Roses are red,
violets are blue,
we raised 484,50 Euros
and that thanks to you!**

Mee firwat eigentlech Fairtrade Rousen?

Eis war et wichtig, dass mir mat eisem Projet zu engem fairen Handel bäidroen. D'Haaptzil vum fairen Handel ass et, den Aarmut op der Welt ze bekämpfen. „Fairtrade“ wëll mat senge Produitën, d'Liewens- an d'Aarbechtskonditiounen vun deene benodeelegten Produzenten an Aarbechter an Afrika, Asien a Latäinamerika verbesseren.



Fairtrade importéiert Rousen aus ganz énnerschiddleche Länner, wéi zum Beispill aus dem Ecuador, aus Kenia oder Sri Lanka an dëst énnert de Kritär vun engem fairen Handel.

D'Rouse kommen aus afikanesche Blummepflanzen a ginn haapsächlech vu Frae ugeplanzt.

Jiddereen, den also eng Fairtrade Rous keeft, énnerstëtzt de fairen Handel an erméiglecht den Aarbechter ee bessert Liewen, besser Aarbechtskonditiounen an de Kanner d'Chance op Bildung, well si net musse schaffe goen fir hir Famill finanziell z'énnertstetzen.

Natierlech ginn et nach vill aner Fairtrade-Liewesmëttel. Fir den Aarmut an d'Ongerechtegkeet virun allem an deene manner entwéckelte Länner ze diminuéieren, kann ee sech iwwerleëen, ob een net och mol heiånsdo aner Fairtrade-Liewesmëttel keeft.

Banane



Café



Confitures



Interview mam Sophie Robert vum Christiane Genewo



Quelle est ta grande passion ?

Depuis peu je me suis passionnée pour la fabrication de savons saponifiés à froid. J'alimente toute la famille, ce qui permet de prendre soin de la nature en évitant les emballages plastiques et les produits chimiques.

Quelles sont tes occupations favorites pendant ton temps libre ?

J'aime jardiner, faire du crochet, jouer du ukulélé et cuisiner.

Quels sont tes livres préférés ? Quel est ton style de lecture?

Mes auteurs préférés sont Ken Follett, Barbara Constantine, Anna Gavalada, Fred Vargas... Je n'ai pas de style préféré.


Tu as la possibilité de recommander 3 livres.

J'aimerais vous recommander 3 BD car c'est aussi un style que j'aime bien et j'en lis depuis toujours :

- *Le monde sans fin* de Jancovici et Blain
- *Sous terre* de Burniat :
- *Tant pis pour l'amour* de Lambda

Que regrettas-tu dans ta vie?

Je ne regrette rien des choix que j'ai faits. Je suis consciente que choisir c'est renoncer, et je l'accepte.



Sophie Robert
professeur cuisine

J'enseigne la cuisine au Fieldgen depuis 2003. Je suis de nationalité française avec des origines suisse-allemande. Je suis de formation conseillère en économie sociale et familiale, c'est un travailleur social spécialiste de la vie quotidienne. J'ai fait mes études supérieures à Amiens et à Lyon. J'ai travaillé 10 ans en France avant de déménager au Luxembourg pour suivre mon mari. En France, j'ai travaillé dans plusieurs domaines, dans l'enseignement, dans une mission locale pour les jeunes et dans un centre communal d'action sociale. J'habite au nord du Luxembourg, je suis mariée et j'ai 2 grandes filles de 21 et 23 ans.



A qui donnerais-tu une médaille/une décoration et pour quelle raison ?

A tous les soignants et tous les aidants (infirmières, auxiliaires de vie...).

Quelle est ta vision de l'avenir ?

Ma vision de l'avenir est foncièrement positive. Je crois en l'humain et je crois en la jeune génération.

Quand tu étais jeune, tu aurais voulu être comme ...

Adèle Blanc-Sec, cette héroïne de bande dessinée, forte et indépendante.

Que détestes-tu ?

Le rejet de l'autre.

Que fais-tu pour te relaxer ?

Marcher dans la nature et jardiner.

Qu'est ce qui pourrait te soumettre à la tentation? A quoi ne peux-tu pas résister ?

A la crème de marrons d'Ardèche.

Quand tu zappes, à quelle chaîne de télévision t'arrêtes-tu?

ARTE

Quelle chaîne quittes-tu immédiatement?

Les chaines d'info en continu

A quel endroit aimerais-tu avoir une résidence secondaire?

En Ardèche ... pour manger de la crème de marrons.

En cuisine, quel plat réussis-tu le mieux ?

Ça il faudrait le demander à ma famille, mais j'ai une grande passion pour le pain, car il demande beaucoup de sensibilité et d'intuition.

Que n'aimes-tu absolument pas quant à ta personne?

Mon caractère parfois explosif.

Qu'aimes-tu quant à ta personne ?

Mon intérêt sincère pour les autres.

Si tu pouvais emmener 3 choses sur une île déserte tu choisirais...

Une île déserte ! Non ! Je n'y vais pas, car tout ce que je pourrais emporter ne remplacerait pas les personnes que j'aime.

Fais-nous cadeau d'une bonne maxime!

Que la force me soit donnée de supporter ce qui ne peut être changé, et le courage de changer ce qui peut l'être, mais aussi la sagesse de distinguer l'un de l'autre. Marc Aurèle



Kenneléier-Aktivitéite vum Internat

Kennenlernaktivität im Park Mersch

Die Kennenlern-Rallye war sehr cool. Ich hatte viel Spaß, ich habe neue Mädchen kennengelernt und sie waren auch alle sehr nett. Was haben wir eigentlich getan? Die Erzieherinnen haben uns in Gruppen aufgeteilt und uns Aufgaben gegeben. Zum Beispiel mussten wir zu jeder Frage, die auf dem Blatt stand, ein Foto machen und es dann den Erzieherinnen auf Teams schicken. Ich fand meine Gruppe sehr gut und unsere Fotos auch. Ich war mit dem Resultat zufrieden, aber das fanden leider nicht alle! Aber halb so schlimm.

Wir haben noch gespielt und hatten wirklich viel Spaß. Wir haben natürlich auch was gegessen. Mmm alles war sehr lecker!

Silva Robalo Noëllie, 7G3



Picknick am Park hannert der Coque

Am Ufank vum Schouljoer si mir mam Internat an de Park hannert der Coque gaangen. Dës Aktivitéit gouf vun den Educateuren organiséiert, fir dass mir eis besser kennen léieren an och Zäit zesumme verbréngen. Mir si mëttes am Internat fort gaangen. Eng Kéier ukomm, konnte mir dat maachen, op wat mir Loscht hatten: Kaarten zesumme spiller, eng sportlech Aktivitéit maachen oder och einfach raschten. An aplaz am Internat z'iessen, hu mir all zesummen dohanne gepicknickt a sinn dann owes rëm zeréck an d'Internat komm. Dës Aktivitéit huet Spaass gemaach an ech mengen och, dass mir all zesummen eng schéin Zäit verbruecht hunn.

Gaspard Nora, 4C1




Um 14:45 Auer hu mir eis zesummen am Gank vum Internat getraff. Mir kruten vun den Educatricen a vum Educateur eng „Poms“ ausgedeelt a sinn ze Fouss lass marschéiert. Fir kee Blesséierten ze hunn, hu mir ee klengen Ëmwee geholl. Ënnert der Vélosbréck erduerch, wou Autoen uewendriwwer laanscht fueren, si mir ze Fouss gaangen. Du si mir duerch de Park getrëppelt bis op d'Theaterplaz. Do hu mir den Tram geholl a si mat deem bis op d'Coque getuckert. Vum Tram aus si mir nach e puer Meter gaangen, bis mir op eng riseg Wiss mat enger grousser Spillplaz niewendru koumen. Mir hunn eis Saachen ofgelueden an si mol ronderëm kucke gaangen, wat nach do ass. Am Hannergrond, wou Bänken an Dëscher stoungen, ass Musek gelaf. Op der Wiss selwer war e klengt Spill opgebaut, dat gedréint huet. Domadder hu mir eis am Laf vum Dag gutt amuséiert. Do stoung och nach eng kléng Spillplaz fir d'Butzen. A ganz hanne e grousse Séi mat engem Sprangbuer. Eis Educatricen an eisen Educateur haten e puer Spiller matbruecht (UNO, Badmintonracketten asw.).

D'Ella, d'Norie an d'Chloé, dat méi spéit koum ass, an ech seet de Geck, mir hunn eis mol direkt d'Unokarte geholl an eng Partie gespillt. Éiere mir um 18 Auer giess hunn, si mir nach schnell op d'Spillplaz niewendru gaang. Mir sinn do ronderëm geturnt, op d'Rutschban gaangen an esou géint 18 Auer rëm bei déi aner gaangen. Dunn ass eng Educatrice mat der Camionnette komm a mir sinn noeneen eist lesse siche gaangen an hunn um Buedem an der frëscher Loft picknickt. Mir krute lauter gutt Saachen.

Am fréien Owend si mir mam Tram an d'Internat zeréck gefuer. Sou war ee flotten Dag séier ém.

Schéngen Noémie, 4GPS





Es war sehr schön im Park, aber als ich ihn zum ersten Mal sah, hatte ich mir doch etwas mehr erwartet. Wir Mädchen spielten im Park Badminton, hörten Musik und hatten Spaß. Ein paar Leute, die auch im Park waren, sahen uns dabei zu. Das Gebäude, welches im Park steht, ist von außen sehr schön. Ich fragte mich, wie man nur auf ein so schönes Design kommen kann, aber ich bin ja auch kein Experte. Am Ende war ich zufrieden und hatte ganz viel Spaß gehabt.

Das Bild, welches ich gezeichnet habe, zeigt die einzelnen Aktivitäten, die wir im Park gemacht haben. Im Hintergrund sieht man auch das außergewöhnliche Gebäude.

Phu Thuy Tien, 5G2



À propos du jeu „Wer ist der Maulwurf? “

Je n'avais jamais joué à ce jeu „Wer ist der Maulwurf?“ auparavant, donc c'était une nouvelle expérience pour moi et pour beaucoup d'autres. Ce que j'ai le plus aimé, c'est le travail d'équipe et aussi le fait d'écouter les autres qui pensaient que c'était moi l'imposteur. On pourrait comparer ce jeu à l'application « Among Us ». On a dû effectuer des exercices et différents jeux, où on pouvait gagner des points. Bien sûr, les imposteurs peuvent aussi gagner des points. À la fin, on a dû deviner qui était l'imposteur en répondant à des questions, comme « Est-ce que le plat préféré de l'imposteur est le Sushi ? ». On devait répondre correctement aux questions afin de gagner le plus de points possibles.

A la fin, les points montrent qui a gagné. Le gagnant a eu un grand sac de bonbons. Malheureusement, j'étais seulement en deuxième place. Le jeu que j'ai préféré le plus, c'était le dernier, c'était une sorte de « Loup garou », où on devait trouver les tueurs contrairement à l'imposteur qui essayait d'aider les tueurs à gagner.

**Cantarelo Gonçalves
Elodie, 2GSO1**



Liesung mam Narcisse Dovenon am CDI *E ganz interessanten Detour op de Fieldgen*

« *Parcours et détours migratoires* », sou ass den Titel vum Narcisse Dovenon sengem Buch, dat hien dënschdes, de 16. November, am CDI virgestallt huet.

Op Invitatioun vun der „**ASTM**“ (**Action Solidarité Tiers Monde**) war de Narcisse Dovenon op Besuch um Fieldgen, fir säi Parcours virun zwou 3eSO-Klasse virzestellen. Mir hunn eis immens gefreet, endlech, no knapp 20 Méint, erëm eng Renconter mat engem Auteur am CDI kënnen unzebidden.

Gebuer an opgewuess am Benin, koum de Narcisse Dovenon 1998 mat engem Studentevisa an Däitschland. Dat sollt säi Liewen nohalteg veränderen. Hat hien am Ufank geplangt, no sengem Studium zeréck a seng Heemecht ze goen, huet hie séier festgestallt, datt et him a senger Famill schwéier gefall ass, doheem erëm Uschloss ze fannen. Schlussendlech huet et den Narcisse Dovenon op Lëtzebuerg verschloen, dat Land, wat wéi hie seet, him déi beschte Méiglechkeiten an déi gréisste Sécherheet gebueden huet.

De Narcisse Dovenon ass en immens gudden Erzieler. Iwwert säi perséinleche Parcours huet hien eis e ganz präzisen a wichtegen Abléck ginn an d'Denkweis an an d'Problemer vun de Migranten, z.B. wéi seng afrikanesch Wuerzelen hie beaflossen, d'Vue vun de Westafrikaner op Europa, de Rassismus, mat deem hien am Alltag konfrontéiert gouf a gëtt, ... awer och firwat hee sech e Liewen um afrikanesche Kontinent net méi virstelle kann.

Dobäi ass engem ganz däitlech bewosst ginn, datt e Liewen als Migrant ni einfach ass, sief et aus ekonomeschen, politeschen oder och aus familiäre Grënn. Ganz dacks fille si sech tëschent zwee Still, net ganz zu Lëtzebuerg ukomm awer och net méi ganz doheem an hirem Heemechtsland. E Gefill, wat hei am Land sécher ganz vill Leit deelen.

Marion Bollendorff



Merci der **ASTM** an dem Här

Dovenon fir dës flott Renconter.



Bullet Journal? Bullet Journal!

E Bullet Journal ass vum **Ryder Caroll** erfonnt ginn, an ass genee dat, wat et seet. **E Journal / Agenda mat Bullets, also Stéhpunkter.** De Ryder Caroll war net zefridde mat den Agenda'en a Kalenneren, déi een an de Butteker ze kafe kritt, an huet dofir ugefaangen, seng Rdv'en a Notizen an e normaalt „Heft“ ze schreiwen. No an no ass eng Method dra komm, déi hien a sengem Buch (*The Bullet Journal Method*) an op sengem Blog (<https://bulletjournal.com/>) beschreift.

“Analyse the past, organise the present, plan for the future.” (Ryder Caroll)


E Bullet Journal ass esou villfälteg, wéi ee selwer Iddiën huet. En Heft, e Bic a 5 Minuten den Dag ass alles, wat ee brauch, fir e Bullet Journal ze féieren. Dái méi kënschtleresch Begaabte kënne sech all Mount en anert Thema ausdenken, verschidde Materialie benotzen an esou e klengt Konschtwierk gestalten.

D'Virdeeler vun engem Bullet Journal kënne sinn:

- Zäitmanagement
- Produktivitéit/Organisatioun
- Bewosst sinn, wat ee mécht (self awareness)
- Perséinlecht Developpement (wéi bai engem Tagebuch)
- Kreativitéit
- Et huet een den Kapp fräi fir wichtech Saachen
- Journal + Kalenner an engem
- Sou vill/wéineg Plaz, wéi ee brauch
- Individuell uwendbar
- Du hues ee Mount keng Zäit? Kee Problem!
- Du mols gären? Oder net? Kee Problem!
- Kee feste Layout

A well ech der Meenung sinn, dass och villäicht déi eng oder aner Schülerin oder deen een oder anere Schüler Spaass un engem Bullet Journal hätt an dovu profitéiere kéint, bitt den **CDI am 2. Semester eng Ecole à la carte un. Weider Detailer zu dëser Ecole à la carte fannt der wéi émmer um Site vum Fieldgen.**

Cathy Ries



50 Jahre Ärzte ohne Grenzen

Die Organisation „Ärzte ohne Grenzen“ – eine NPO: Non Profit Organization – leistet seit fünfzig Jahren humanitäre und medizinische Hilfe. Ihr Betätigungsgebiet sind Länder, die von Naturkatastrophen, Epidemien oder Kriegen heimgesucht werden. Die Mitglieder der NPO kommen zum Einsatz, wenn Menschen in solchen Regionen gefährdet sind, wenn die medizinische Versorgung nicht gewährleistet ist, wenn die Gesundheitssysteme dieser Länder kollabieren und somit menschliche Katastrophen unumgänglich werden würden. Die NPO ist politisch neutral und hilft also unabhängig von ethnischer, religiöser und sexueller Zugehörigkeit.



Jean-Louis Reuter
Wirtschaftslehrer



Die NPO wurde in Frankreich unter der Bezeichnung „Médecins sans frontières“ (MSF) im Jahre 1971 gegründet. Französische Ärzte und Journalisten riefen sie ins Leben. Es war eine direkte Reaktion auf die medizinischen und sanitären Missstände während der Bürgerkriege in Afrika (Biafra-Krieg 1967-1970). Nach und nach entstanden in vielen Ländern Ableger der Hilfsorganisation. Heute besteht das weltweite Netzwerk aus 25 Mitgliedsverbänden.

Auch in Luxemburg gibt es die MSF. Bis zu 50 Ärzte agieren in verschiedenen Krisengebieten in Afrika und in Asien. Jährlich gelingt es der NPO, mehrere Millionen Euro an Spenden zu erhalten.

Augenblicklich sind die Freiwilligen aller nationalen NPOs – Ärzte, Krankenschwestern und administratives Personal – in über 70 Ländern aus rund 150 Nationen aktiv. 2020 können mehr als 9,9 Millionen ambulante Sprechstunden abgehalten werden; über 1 Million Impfungen gegen Masern sind verabreicht worden; mehr als 300 000 Geburten sind unter Mithilfe der MSF-Ärzte durchgeführt worden; außerdem sind 120 000 chirurgische Eingriffe vorgenommen worden.

Neben unterschiedlichen Auszeichnungen in den letzten 30 Jahren, wird „Médecins sans frontières“ 1999 mit dem Friedensnobelpreis ausgezeichnet.



De „Golden Gear“ geet op Ettelbréck

Mam Vélo op d'Schaff oder an d'Schoul



Ettelbréck. Am Kader vun der 13. Editioun vun der Aktioun „Mam Vélo op d'Schaff“ hunn d'Partnerschoule Fieldgen a Sainte-Anne et fäerdeg bruecht eng

ganz Rei vun hire Mataarbechter ze motivéiere fir mam Vélo op d'Schaff ze kommen an domadder net just eppes fir d'Wuelbefannen an d'Gesondheet ze

maachen, mee och en Beitrag fir eng Klimaverbesserung an eng Reduktiooun vum Verkéierschaos op de Stroossen ze leeschten. Déi zwou Schoule waren op d'Präis-iwwerreechung invitíert well hiern Arbeitgeber, d'AGEDOC, zu deenen 3 Patron'en gehéiert huet, déi déi meeschte Mataarbechter motivéiert kruten, fir wärend der Period vum 15. Mee an 31. Juli 2021, op de Vélo als Fortbewegungsmittel fir den Aarbechtswee zeréck ze gräifen. D'AGEDOC huet déi éischt Platz beluecht an d'Vertrieder vun deenen zwou Schoulen haten domadder de Freideg den Owend déi grouss Éier, de Golden Gear Award entgéint ze huelen.

Ecole Privée Sainte-Anne
via mywort

Luxemburger Wort, 27 septembre 2021





photo-revue



1CA



1CC



1CG



1GCG1



1GIG



1GSN

photo-revue



photo-revue





photo-revue



2GSO3



2TPCM



3CC



3GCM1



3GIG



3GPS





**Mir wünschen
Iech an Ärer Famill
eng schéi
Chrëschtvakanz
an e gudde Rutsch
an d'neit Joer**



Trait d'Union
Zäitschrëft
vun der
Ecole Privée Fieldgen

Bestellen iwwer de
Konto bei der
BIL
LU74 0020 1336 1560 0000
Parascolaires-Fieldgen
21, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg

Abonnementspräis:
8 € pro Joer

Kontaktadress:
Trait d'Union
21, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg

Redaktiounskomitee:
Genewo Christiane
Hoeijmakers Kirsten
Hollerich Catherine
Schaus- Georges Andrée
Sybertz Ariane

Layout:
Rodrigues Antunes Patricia
Weidert Jessy

Drock:
print solutions sarl

Ee grousse Merci un all déi, déi
un déser Nummer matgeschafft
hunn.